FÉDUSE
Enseignement
CGFP

Fédération des Universitaires
au Service de l'État
Enseignement
CGFP-Administration
488, route de Longwy
L-1940 Luxembourg

Entrevue mam Minister vun der Fonction publique (13.1.2025)

De Comité vun der FÉDUSE-CGFP hat den 13. Januar eng Entrevue mam Minister vun der Fonction publique, Serge Wilmes, a senge Beroder. Bei dëser Entrevue hu mir iwwert eng Rei konkret Uleies a punkto Karriär an Aarbechtskonditioune vun de Professeren a Formateurs d'adultes diskutéiert a kloer Fuerderunge gestallt.

Et goufen ënnert anerem déi follgend Punkten diskutéiert:

1. Bezuelung vun den Iwwerstonnen

Eleng am Enseignement secondaire gi pro Woch an der Moyenne iwwer 10.000 Iwwerstonne geleescht. Dës „Iwwertâche", déi d'Enseignanten heefeg vum éischte bis zum leschte Schouldag leeschte mussen, ass haaptsächlech op de chronesche Personalmanktem zréckzeféieren.

Am Géigesaz zum CET gëtt bei der Berechnung vun der Indemnitéit fir eng Iwwerstonn nach ëmmer e reduzéierende Facteur vu 36/52 applizéiert. Dëse Facteur – dee wärend der Stolkris Ufank den 1980er Joren als Spuermoossnam agefouert gouf – bewierkt, dass de Bruttoloun fir eng Iwwerstonn gutt 30 % méi niddreg ass ewéi fir eng regulär Schoulstonn. Donieft gëtt den Enseignanten hir Zousazaarbecht och nach voll besteiert an emol net fir d'Pensioun mat ugerechent. Wien – dacks onfräiwëlleg – méi schafft, an dat am Interessi vun der Allgemengheet, gëtt also finanziell bestrooft amplaz belount.

Als Comité vun der FÉDUSE-CGFP hu mir dofir beim Minister Wilmes nach eng Kéier ganz energesch eis laangjäreg Fuerderung widderholl, dass eis Iwwerstonnen endlech op mannst d'nämmlecht bezuelt solle ginn ewéi d'Stonnen, déi zur regulärer Tâche gehéieren!

2. Modalitéite vum Congé CET

Ëmmer erëm kënnt eis zu Oueren, dass Demandë fir e Congé CET vun Direktioune refuséiert ginn mam Argument, dass dee betraffenen Enseignant wärend sengem Congé net géif kënnen ersat ginn an et deemno zu enger Verschäerfung vun der Penurie an ergo onvermeidlechen Iwwerstonnen a sengem Departement komme géif.

Dofir huet de Comité vun der FÉDUSE/CGFP beim Minister Wilmes d'Fuerderung erneiert, dass **Enseignanten am Congé CET zukünfteg duerch d'Astelle vun Enseignantë mat CDD solle kënnen ersat ginn**, genee esou ewéi et beispillsweis am Fall vu Schwangerschafte gehandhaabt gëtt.

All Demande vun engem Enseignant fir e Congé CET soll prinzipiell accordéiert ginn, schliisslech handelt et sech heibäi ëm ugespuerten Iwwerstonnen, déi – oft onfräiwëlleg – am Virfeld geleescht

goufen, fir de Schoulbetrib am Interessi vun de Kanner an der ganzer Gesellschaft um Lafen ze halen. De Minister huet duerchaus unerkannt, dass den Enseignement am Kontext vum CET e ganz spezifeschen Domaine duerstellt, deem säin eegenaartege Fonctionnement bei der Gestioun vun der Decharge CONET soll Berécksiichtegung fannen.

3. Valorisatioun vum Travail de candidature

Als eenzeg Agenten an der ieweschter Karriär an der Fonction publique hunn d'Professeren E7 an d'Formateurs d'adultes E7 nom gepackte Stage nach missten een Travail de candidature schreiwe fir hir definitiv Nominatioun ze kréien. Fir dës opwendeg post-universitaire Fuerschungsaarbecht, déi si wärend mindestens 18 Méint am Optrag vum Héichschoulministère ausgeschafft hunn, gi si allerdéngs net belount, mee bestrooft, well sech hire Karriärsufank ëm mindestens 18 Méint verzögert.

Konkret fuerdert de Comité vun der FÉDUSE-CGFP, dass deene Professeren a Formateurs d'adultes, déi een Travail de candidature ausgeschafft an erfollegräich gepackt hunn, eng **pensionnabel Prime vun 10 Points indiciaires** (p.i.) **pro Mount** zougestane gëtt. Dës Majoratioun géif der Hallschent vun där Prime entspriechen, déi de Staat Agente mat engem Doktorat ausbezilt, deen, am Géigesaz zum TC, eng reng fakultativ Aarbecht ass an ni eng Condition d'accès duergestallt huet, fir däerfe Professer oder Formateur d'adultes ze ginn.

Et sief drun erënnert, dass och d'Kolleeginnen a Kolleege Professeren, déi virun 1999 agestallt goufen, e wëssenschaftlechen Travail de recherche geleescht hunn, deemools nach als integréierte Bestanddeel vun hirem Stage. Selbstverständlech sollen och si an de Genoss vun dëser Prime kommen.

4. Upassung vun der Prime P038

D'Professeren an d'Formateurs d'adultes aus dem Groupe de traitement A1 kréie 15 Joer no hirer definitiver Nominatioun eng net pensionnabel Prime vu 6 p.i. (Code P038 um Paiziedel). D'Enseignanten aus dem Groupe de traitement A2 kréien dogéint schonn 10 Joer no hirer Nominatioun eng Prime vun 12 p.i. (Code P092), déi hinne voll fir d'Pensioun ugerechent gëtt.

D'FÉDUSE-CGFP huet beim Minister vun der Fonction publique eng Upassung vun der Prime P038 un d'Modalitéite vun der Prime P092 gefuerdert.

Allgemeng sief betount, dass dës Reunioun an enger gudder Atmosphär an am konstruktiven Dialog stattfonnt huet, woubäi de Minister Wilmes eis vill Versteesdemech entgéintbruecht huet. Well déi meescht vun eisen Doleancen enk mam Educatiounsministère verknäppt sinn, huet de Minister fir den ëffentlechen Déngscht eis zougeséchert, dës zäitno mam Educatiounsminister ze thematiséieren.

No dëser Reunioun si mir positiv gestëmmt, dass mir op verschiddene Punkten zesumme kënne Verbesserungen erreechen.

De Comité vun der FÉDUSE-CGFP
Lëtzebuerg, de 15. Januar 2025